Mindeststandarde
fir d'Qualitéit vun den ALTE Examen ze garantéieren

Entwécklung vum Test

1. Den Exame baséiert op engem theoretesche Konstrukt, z.B. op engem Modell vun der kommunikativer Kompetenz.

2. D'Ziler vum Examen, de Kontext, an deem en agesat gëtt an d'Persounen, un déi e sech riicht, gi beschriwwen.

3. Et gëtt Critèrë fir d'Selektioun an d'Formatioun vun de Persounen, déi d'Tester ausschaffen. Fir d'Ausschaffen an d'Revisioun vun den Examen ze kontrolléieren, ginn Experten erugezunn.

4. Parallelexame kënnen ënnerenee verglach ginn, wat hiren Inhalt ugeet, hir Koherenz, hir Stabilitéit an hir Bewäertung.

5. Wann den Exame sech op en externe Referenzsystem bezitt, z.B. den europäesche Referenzkader, kann dat och nogewise ginn.

6. All d'Examenszentren, an deenen d'Examen ofgehal ginn, ginn no kloren, transparente Critèren ausgewielt.

7. D'Examensdokumenter ginn iwwert e sécheren Transportwee an engem exzellenten Zoustand un déi autoriséiert Zentre verschéckt. D'Examensadministratioun suergt fir e sécheren an novollzéibaren Ëmgank mat allen Examensdokumenter a garantéiert d'Vertraulechkeet vun allen Daten a Prozeduren.

8. D'Examensadministratioun huet déi néideg technesch Mëttel, fir d'Clienten ze ënnerstëtzen (z.B. Telefon -Hotline, Internetservice).

9. D'Sécherheet an d'Vertraulechkeet vun den Examensresultater an den Diplomer an allen Daten, déi dozou gehéieren, gi garantéiert, esou wéi d'Gesetz iwwert den Dateschutz dat virschreift. D'Kandidaten hu Recht op en Zougank zu dësen Daten a sinn doriwwer informéiert.

10. Den Examenssystem gesäit speziell Moossnahme fir behënnert Persoune vir.

Bewäertung an Notatioun

11. D'Berwäertung ass exakt, zouverlässeg an dem Objet an Zil vum Examen ugepasst.

12. Et gëtt eng Dokumentatioun an Explikatiounen iwwert d'Bewäertungscritèren, d'Methode fir d'Zouverlässegkeet ze erreechen, an Informatiounen, wéi d'Qualitéitsstandarde vun de Bewäerter/Correcteure vum schréftlechen a mëndlechen Ausdrock erfaasst an analyséiert ginn.

Testanalys

13. Et ginn Donnéeë vun engem representativen Echantillon vu Kandidate gesammelt an analyséier,t fir nozeweisen, datt hir Noten d'Resultat vun hirer Leeschtung am Examen erëmginn an net vun anere Facteure beaflosst ginn, wéi d'Mammesprooch, d'Heemechtsland , d'Geschlecht, den Alter an d'ethnesch Zougehéieregkeet.

14. Vun engem representativen Echantillon vu Kandidate ginn Donnéeë fir d'statistesch Analye vum Exame gesammelt an analyséiert (z.B. fir de Schwieregkeetsgrad, d'Diskriminatioun, d'Zouverlässegkeet a Standardfeeler bei der Evaluatioun vum Examen ze ermëttelen)

Kommunikatioun mat de Bedeelegten

15. D'Examensadministratioun deelt de Kandidaten an den Examenszentren d'Examensresultater séier an an enger klorer Form mat.

16. Déi bedeelegt Parteien (Examenszentren a Kandidaten) ginn iwwert de Kontext, den Zweck an de Gebrauch vum Examen, säin Inhalt a seng allgemeng Zouverlässegkeet informéiert .

17. Déi bedeelegt Parteie kréien déi néideg Informatiounen, fir hir Resultater ze interpretéieren a se op eng adequat Manéier gebrauchen ze kënnen.